

DE LËTZEBUERGER POMPJEE

BULLETIN OFFICIEL DE LA FÉDÉRATION NATIONALE DES POMPIERS DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG



Adresse postale:

3, blvd. de Kockelscheuer

L-1821 Luxembourg

Tél.: 49 77 1 8093

Email: bureau@fnsp.lu

Öffnungszeiten:

Montag, Mittwoch bis Freitag

09:00 - 12:00 und 13:00 - 16:00 Uhr

Dienstag 09:00 - 12:00 Uhr

Bitte melden sie sich telefonisch an.

www.pompjeesverband.lu

www.jugendpompjeeen.lu

www.pompjeesmuseum.lu

www.pompjeesmutuelle.lu

www.112.lu

www.facebook.com/fnsp.lu

www.rauchmelder.lu



Bulletin Officiel de la Fédération Nationale des
Pompiers du Grand-Duché de Luxembourg

Membre de l'Association de la Presse
Périodique Luxembourgeoise (APPL) asbl

Annahmeschluss für die nächste Ausgabe:
28/11/2025

Layout: barth&design / FNP

Druck: Imprimerie Quintus

Auflage 6000 Exemplare


87	Virwuert
88	Veranstaltungskalenner
89	CTIF - Articles
92	APV - Journée 2025
96	Jugend - Erasmus zu Paräis
98	Jugend - Camp Miersch
99	Jugend - Camp Regioun Zentrum
102	Jugend - Freundschaft Consdorf / Leck
103	Fehlersich
104	Reform vum Pompjeesverband
106	FNP - Grenzlandmeeschterschaften
110	FNP - Pompjeescross
112	FNP - Amtsübergabe in Mersch
113	FNP - Éirennol Jugendpompjeeën
114	FNP - Ëmmer erem eppes Neies
115	FNP - Noruff Jean Thiry
116	Rapports ZV



Edition 04|2025

Grenzlandmeeschterschaften zu Ettelbréck

Foto: Marc Everad



fnsp.lu



Marc Mamer
Präsident

Léif Pompjeeën, léif Jugendpompjeeën an Memberen vun den Amicallen, léif Alleguerten,

Éisst Land huet séit dem 3. Oktober en neie Staatschef. De Grand-Duc Henri, eisen Héije Protektor, huet op sém Amt verzicht, zu Gonschte vu sengem Fils dem Grand-Duc Guillaume.

Eis Federatioun seet dem Grand-Duc Henri villmools Merci vir all sém Interessi dat hien de Lëtzebuerger Pompjeeën entgéint bruecht hutt, speziell datt hien eise Corps mam Adjektiv "Grand-Ducal" geéiert huet an eisem Corps, eng Woch virum Trounwiessel, mat der Fourragère ausgezeechent huet. Merci Monseigneur !

Mir freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht mam Grand-Duc. Als Ierfgroussherzog huet de Pränz Guillaume, och mol zesumme mat der deemools Prinzessin, haut Grande-Duchesse, Stéphanie eis besicht. Mir all wënschen Hinne vill Freed a Succès an hiren neie Positiounen.

"Vive de Grand-Duc, Vive d'Grande-Duchesse"

Den 13. Mee 2023 huet de Kongress zu Mäertert dem ZV den Optrag ginn, nei Statuten auszuschaffen. Et soll net nëmmen eng Adaptatioun vum besteeënde sinn, mee nieft der regionaler Verriedung sollen och spezifesch Fachberäicher am ZV sinn. Mir hunn eng Aarbechtsgrupp gegrennt, déi Enn 2024 d' Statute gréisstendeels stoen hat. Bis September 2025 waren dann och d' Reglementer ugepasst. Eng éischt Präsentatioun war den 19. September am CNIS, an eng zweet den 29. September zu Dikrech. De 25. September huet den ZV dann och, no längerer Diskussiounen, de ganze Package ugeholl. Vu datt an den 2 Versammlungen och vun den uwiesende Verrieder vun den CIS/GIS nach gutt Ännerungsvirschléi koumen, muss den ZV Enn Oktober nach eng Kéier deliberéieren iert d'Amicallen de gesamte Projet zougeschéckt kréien.

De 14. November ass dann d'ausseruerdentlech Generalversammlung déi iwwert déi nei Statuten ofstëmmt. Ass do de Quorum net erreecht, ass da 14 Deeg méi spéit den 28. November eng 2. Ausseruerdentlech Versammlung ugesot.

Ech kommen awer net derlaanscht, eng Remarque iwwert d' Info-Versammlungen ze maachen. Während déi Zweet sachlech a konstruktiv war, kann ech déi Éischt gréisstendeels nëmmen als de Contraire bezeichnen. Op där Versammlung ass mat net grad feinen Termen nëmmen de Mann/Fra gespilt ginn, an net op de Gol. Speziell traureg hunn ech no dëser Versammlung eng Mail fonnt, déi un etlech Amicalle giong, an där ënner anerem diffamatoresch Äusserungen iwwert den CEX gemaach goufen. Ech hoffen, datt des Period eriwwer ass an datt mir, laut eisem Motto 'Ee fir All - All fir Een', mat enger neier Federatioun fir all eis Pompjeeën do sinn.

All de Kolleeginnen a Kolleegen, déi mat un de Statute geschafft hunn, e grouse Merci.

VERANSTALTUNGSKALENNER 2025/2026

Oktober

Freides 31. Nuetsrallye vum CIS Hesper Amicale

November

Sonndes 9. Buffet zu Minsbech am Kulturcenter Amicale

Freides 14. Ausseruerdentlech Generalversammlung am CNIS FNP

Samsdes 15. Kniddelwend am CIS Kielen Amicale

Freides 28. Ausseruerdentlech Generalversammlung am CNIS (falls néideg) FNP

Dezember

Dënsdes 9. X-Mas Afterwork Op der Méchelsplaz zu Miersch Amicale

Freides 12. X-Mas Afterwork Op der Méchelsplaz zu Miersch Amicale

Mäerz

Sonndes 22. Schwammeeschterschaften zu Dikrech an der Schwämm FNP

Mee

Sonndes 10. Porte-ouverte am CIS Kehlen Amicale

Juni

13.-14. Porte-ouverte an NTRC zu Mamer Amicale

REDAKTIONS KOMMISSION

Name	Tel.	GSM	Email
EVERAD Marc		621 165 749	marc.everad@cgdis.lu
GRISIUS Nico		661 231 068	nico.grisius@fnsp.lu
MULLER Patrick	49 77 1 8093		patrick.muller@fnsp.lu
WAGENER Jean-Paul (President)	32 56 51	691 653 163	jp_wagener@web.de
PAULUS Joé			joé.paulus@cgdis.lu

OPRUFF

D'Redaktionskommissioun vum Pompjeesverband sicht nei Memberen, déi ons eng Hand upaken fir ons Pompjeeszeitung méi flott ze gestalten.

Mir sichen lokal Reporteren déi ons vun der verschiddenen Festivitéiten an de Regiounen Fotoen schécken an eppes klenges doriwwer ze zielen hunn.

Wanns dir esou eng Aufgab géing Spaass maachen, dann mell dech bei presse@fnsp.lu

Internationale Feuerwehrwettbewerbe des CTIF

In der letzten Ausgabe des "lëtzeburger Pompjee" 04/2025 mussten wir ihnen leider mitteilen, dass der deutsche Feuerwehrverband die internationalen Feuerwehrwettbewerbe des CTIF 2026 in Berlin wegen mangelnder Finanzierung absagen musste.

Seit dieser Aussage des Präsidenten des deutschen Feuerwehrverbands, Karl-Heinz Banse, hat sich jedoch einiges hinter den Kulissen getan.

Nachdem die Leitung des CTIF Kontakt zu seinen Mitgliedsstaaten aufgenommen hat, haben sich Österreich und die Tschechische Republik angeboten einzuspringen.

Die internationalen Jugendwettbewerbe werden vom 13. - 19. Juli in Šumperk (CZ) stattfinden und die traditionellen Feuerwehrwettbewerbe werden vom 23. - 26. Juli in Eisenstadt (AU) ausgetragen.

Brief des Vorstands des CTIF vom 12. August 2025



Confirmation of the World Firefighting Championships of CTIF, July 2026

Dear CTIF Members,

We are pleased to inform you that the CTIF Executive Committee, together with the Competitions Commission and the Youth Commission of CTIF, have confirmed the hosts for two major CTIF events in 2026:

- **International Youth Fire Brigade Gathering and Fire Sports Championships for adults and youth** — hosted by the Association of Fire Brigades of the Czech Republic in the City of Šumperk (Moravia). The event is planned for **13–19 July 2026**, with the final dates to be confirmed.
- **Traditional International Fire Brigade Competitions** — hosted by the Firefighter Association of Austria in the City of Eisenstadt. The competition will take place from **23–26 July 2026**.

Preparations will now proceed in close cooperation with the local organizing committees and the CTIF Commissions concerned. Further details will be communicated as they become available.

Best regards.

Roman Sykora

General Secretary CTIF



Milan Dubravac

President of CTIF

Entgleisung der Gloria-Straßenbahn in Lissabon mit 15 Toten

(04/09/2025)



Bildnachweis: Wikipedia Creative Commons

Am Mittwoch entgleiste die kultige Gloria-Seilbahn, wobei mindestens 15 Menschen ums Leben kamen und 18 weitere verletzt wurden. Die straßenbahnähnliche Standseilbahn, ein beliebtes Symbol der portugiesischen Hauptstadt und ein Touristenmagnet, stürzte ab, während sie den steilen Abhang zwischen dem Restauradores-Platz und dem Stadtteil Bairro Alto hinauffuhr.

Rettungskräfte eilten zum Unfallort und bargen die Opfer aus dem Wrack, während fassungslose Schaulustige zusahen.

“Es ist ein tragischer Tag für unsere Stadt”, sagte Carlos Moedas,

Bürgermeister von Lissabon. “Lissabon ist in Trauer; es ist ein tragischer, tragischer Vorfall”.

Die Gloria-Bahn ist seit 1885 in Betrieb und ist eine von drei historischen Standseilbahnen, die in Lissabon noch in Betrieb sind. Die beiden Wagen sind durch ein Förderseil miteinander verbunden und werden durch Elektromotoren angetrieben. Das System wird seit langem für seinen Charme und seine Technik gefeiert, doch die Entgleisung vom Mittwoch hat inmitten des Tourismusbooms in Lissabon dringende Fragen zur Sicherheit und Wartung aufgeworfen.

Präsident Marcelo Rebelo de Sousa drückte sein Beileid aus und forderte eine rasche Untersuchung der Absturzursache. Die Behörden gaben zwar weder die Identität noch die Nationalität der Opfer bekannt, bestätigten aber, dass sich unter den Toten auch Ausländer befinden.

Dieser Vorfall spiegelt die allgemeine Besorgnis über die veraltete Infrastruktur in beliebten Reisezielen wider. Ein kürzlich erschienener BBC-Artikel hob hervor, dass historische Verkehrssysteme zwar kulturell bedeutsam sind, aber oft unter veralteten Sicherheitsstandards betrieben werden. Experten warnen, dass die Modernisierungsbemühungen mit den steigenden Touristenzahlen Schritt halten müssen, um künftige Tragödien zu verhindern.

Während Lissabon trauert, steht die Stadt vor der Frage, wie sie ihr kulturelles Erbe bewahren und gleichzeitig die Sicherheit der Touristen gewährleisten kann, die es erleben wollen.

Gasexplosion in Madrid - ein Toter und über 20 Verletzte

(16/09/2025)



Foto von Madrid Fire Services

Eine gewaltige Explosion hat am Samstagnachmittag ein Café im Madrider Stadtteil Puente de Vallecas erschüttert. Dabei wurde ein Mann getötet und mindestens 25 weitere Personen verletzt, von denen mehrere in ernstem Zustand sind.

Die Explosion ereignete sich gegen 15.00 Uhr Ortszeit in der Bar “Mis Tesoros”, einem beliebten Lokal im Viertel. Rettungs-

kräfte eilten zum Tatort, wo Feuerwehrleute und Polizisten sich durch die Trümmer arbeiteten, um Opfer zu retten. Vier Personen konnten lebend geborgen werden, und am frühen Sonntagmorgen wurde die Leiche eines Mannes entdeckt.

Die Behörden gehen davon aus, dass die Explosion durch ein Gasleck verursacht wurde, obwohl die genaue Art und Quelle noch untersucht werden. “Es ist noch

zu früh, um die Ursache zu bestimmen”, sagte Inmaculada Sanz, Madrids stellvertretende Bürgermeisterin für Sicherheit und Notfälle.

Durch die Wucht der Explosion wurde das Gebäude instabil, so dass die Bewohner von neun angrenzenden Wohnungen evakuiert und vorübergehend umquartiert werden mussten. Während einige der oberen Wohnungen von strukturellen Schäden verschont blieben, ist der Zugang zum Gebäude aufgrund der Zerstörung am Eingang derzeit unmöglich. Feuerwehrchef Carlos Marin betonte die Komplexität der Situation und wies darauf hin, dass der enge Raum und die unbekannte Gasquelle sowohl für die Einsatzkräfte als auch für die Bewohner ein ernsthaftes Risiko darstellten.

Der Vorfall hat die Besorgnis über die veraltete Infrastruktur und die Gassicherheit in städtischen Gebieten neu entfacht. Während die Ermittler ihre Arbeit fortsetzen, kümmert sich die Stadt um die Opfer, und die Notdienste bieten Unterstützung und vorübergehende Unterkünfte an. Weitere Informationen finden Sie in The Business Standard und Deutsche Welle.

Explosion in einer niederländischen Molkerei (14/07/2025)

Eine spätabendliche Explosion in der Molkereifabrik Friesland Campina in Borculo ließ eine riesige orangefarbene Giftwolke in den Himmel steigen und löste Notfallwarnungen und Evakuierungen in der Region Gelderland aus.

Obwohl es keine Verletzten gab, hat der Vorfall ernste Fragen zu den Sicherheitsprotokollen für Chemikalien und zur industriellen Aufsicht aufgeworfen.

Nach Angaben der niederländischen Behörden kam es zu der Explosion, als sich Salpetersäure und Salzsäure, beides ätzende Reinigungsmittel, versehentlich in einem auf dem Werksgelände geparkten Lastwagen vermischten. Die daraus resultierende chemische Reaktion erzeugte eine sichtbare orangefarbene Dampf- wolke, die die Veiligheidsregio Noord- en Oost-Gelderland dazu veranlasste, einen NL-Alarm herauszugeben und die An- wohner aufzufordern, Fenster, Türen und Lüftungsanlagen zu schließen.

Augenzeugen berichteten von einer lauten Explosion und einem in die Luft geschossenen Silo, das auf einem nahe gelegenen Feld landete. "Wir sahen orangefarbenen Rauch, dann eine riesige Explosion", sagte ein Anwohner. "Das Silo flog wie eine Rakete."

Die Rettungskräfte evakuierten die Anlage rasch, sperrten das Gebiet ab und führten Luftqualitätstests durch. Die Feuerwehr bestätigte, dass die Wolke giftige Stoffe enthielt, die Haut und Atemwege reizen



Bildnachweis: Wikipedia Commons Lizenz

können. Glücklicherweise zerstreuten sich die Chemikalien in der Atmosphäre, ohne sich auf dem Boden abzusetzen, und um 1 Uhr nachts hatte sich die Wolke verflüchtigt.

Der Bürgermeister von Berke Iland, Joost van Oostrum, versicherte der Öffentlichkeit, dass die Situation "vollständig unter Kontrolle" sei, und betonte, dass es keine Hinweise auf ein falsches Spiel gäbe. Die Polizei hat jedoch eine förmliche Untersuchung eingeleitet und behandelt den Ort wie einen Tatort, um festzustellen, ob der Vorfall auf menschliches Versagen oder vorsätzliche Manipulation zurückzuführen ist.

Die betroffenen Säuren, Salpeter- und Salzsäure werden üblicherweise zur Reinigung von Industrieanlagen verwendet,

können aber bei unsachgemäßer Handhabung schwere Verbrennungen und Atemwegsschäden verursachen.

Lokale Medien, darunter NOS, Nieuwe Oogst und De Gelderlander, berichteten über die weit verbreitete Besorgnis der Anwohner, insbesondere angesichts der Nähe der Häuser zur Fabrik. Der Vorfall hat den Ruf nach strengeren Vorschriften für den Umgang mit Chemikalien und einer verbesserten Notfallvorsorge in Industriegebieten neu entfacht.

Während sich FrieslandCampina und die Gemeindeverwaltung auf eine Nachuntersuchung des Vorfalls vorbereiten, muss die Gemeinde Borculo mit dem Schock einer Beinahe-Katastrophe fertig werden - und mit der anhaltenden Frage, wie es überhaupt zu einer solch brisanten Mischung kommen konnte.

Feuerwehrlaute bei Brand in Osaka getötet - drei weitere verletzt (18/08/2025)

Bei einem Gebäudebrand im Einkaufsviertel Dotonbori sind am Montag zwei Feuerwehrlaute ums Leben gekommen und vier weitere verletzt worden, wie die örtliche Polizei und die Feuerwehr mitteilten, berichtet die Straights Times und andere internationale Medien berichten.

Nach Angaben von Japan News brach das Feuer gegen 9:50 Uhr im ersten Stock eines Gebäudes am Dotonbori-Fluss aus, woraufhin die städtische Feuerwehr von Osaka sofort eingriff. Während die Einsatzkräfte gegen die Flammen kämpften, griff das Feuer auf ein benachbartes Gebäude über, was die Eindämmungsarbeiten erschwerte.

Unter den Einsatzkräften befanden sich auch zwei männliche Feuerwehrlaute im Alter von 55 und 22 Jahren, die im Gebäude eingeschlossen wurden. Beide wurden ins Krankenhaus gebracht, wo sie später für tot erklärt wurden, wie die Polizei der Präfektur Osaka mitteilte.



Bildnachweis: Flickr Creative Commons License

Nach Angaben von Asahi.com wurden die beiden Feuerwehrlaute von der Feuerwache Naniwa im sechsten Stock des Gebäudes gefunden.

Vier weitere Personen - darunter eine Frau und drei weitere Feuerwehrlaute - wurden ebenfalls ins Krankenhaus gebracht.

Glücklicherweise gelten ihre Verletzungen nicht als lebensbedrohlich.

Das Feuer brach in einem Geschäftsbau- gebäude in einem der beliebtesten Touristengebiete Osakas aus und griff schnell auf ein angrenzendes Gebäude über. Feuerwehrlaute, die auf den Notfall reagierten, wurden während des Einsatzes im Gebäude eingeschlossen. Trotz der Rettungs- bemühungen wurden zwei von ihnen später im Krankenhaus für tot erklärt.

Die Ursache des Brandes wird noch un- tersucht. Die Behörden haben das Gebiet abgesperrt und arbeiten daran, die struk- turellen Schäden zu bewerten und weitere Risiken zu vermeiden.

Der Vorfall hat die Stadt in eine düstere Stimmung versetzt, und es gab zahlreiche Trauerkundgebungen für die gefallenen Einsatzkräfte, die ihr Leben im Dienst ge- lassen haben.



Journée vun der Amicale vun de Pompjeesveteranen 2025



De 15. Mee 2025 war eis Journée un der schéiner Musel. Mat der Zesummenaarbecht vun de Gréiwemaacher Pompjeeën asbl an dem Comité vun der Amicale vun de Pompjeesveteranen war dëse flotten Dag organiséiert ginn.

Am neien "Centre Culturel Grevenmacher - Machera" hu mir eis um 09:30 Auer getraff. Iert mer mat der Generalversammlung ugefaang hunn, hu Pompjeesveteranen de Café-Croissant, offréiert.



Géint 10:15 Auer huet de President Jos Tholl d'Generalversammlung opgemaach an der Amicale Gréiwemaacher Pompjeeë Merci gesot. Ueschléissend si folgend d'Éieregäscht begréisst ginn, d.h. Madamm Buergermeeschter Monique Hermes, de Generaldirekter vum CGDIS Paul Schroeder, de Verbandspräsident Marc Mamer, de President vun der Jugend-Kommissioun Frank Hermes, eisen Éierepräsident Néckel Strotz an all Membere.

Entschëllegt haten sech verschidden Éieregäscht ewéi den Här Minister Léon Gloden an och de President vum CGDIS den Här Alain Becker.

Fir déi lokal Pompjeesamicale huet hire President Claude Wagner puer Wieder un d'Versammlung gericht a matgedeelt, dass si net méi operationell am CGDIS schaffen, mä nach 83 aktiv Memberen hunn. Des Weiteren huet hien matgedeelt, dass si hir 200-Joerfeier 2027 wäerte feieren.

D'Madamm Buergermeeschter Monique Hermes ass frou, dass d'Amicale Gréiwemaacher Pompjeeën nach do ass. D'Amicale ass e Bestanddeel vu Maacher a net jidderee war deemools frou ewéi et Richtung Mäertert gaangen ass. Si huet eis dunn d'Geschicht vum Numm "Machera" erzielt. Dëst war den éischte bekannten Numm vu Grevenmacher. Eng kleng Siidlung "Villa Machera" loung un der Réimerstrooss Trier-Lëtzebuerg-Metz-Reims. E Merci ass un all Pompjeesveteranen gaangen an et gouf hinnen alleguerten e flotten Dag op der Musel gewënscht.

Ueschléissend sot eise President, dass de Comité sech fir eis Veteranen asetzt. Ons Aufgab ass

et een direkten Usprichpartner fir de CGDIS ze sinn. Dëst ass net ëmmer einfach, well awer nach vill Leit näischt vun eiser Amicale wëssen. Mir verrieden d'Interessien an Uspréch no baussen.

Iwwert d'Reform vum Pompjeesverband konnt de President net vill soen, well d'Statute virun enger Woch un de Comité verschéckt goufen. Heizou wäerte mir eis Meenung soen an des dem Pompjeesverband matdeelen. Jidderee soll sech herno awer an der Federatioun erëmfannen, well niewent den Exekutiv, Jugendausschoss, Amicale vun de Pompjeesveteranen, wäerten nach verschidde Verrieder vu Kommissiounen (Sport, Formatioun, asw.) am Zentralvirstand setzen.

Duerno gouf dem Vize-President Roger Schleck fir seng laang Aktivitéit, dëst säit 2. Abrëll 1956, bei de Pompjeeë Merci gesot. De Roger huet ëmmer seng Verantwortung iwwerholl, sief dëst op kantonaler oder nationaler Basis. Och bei de Pompjeesveteranen huet hien säin Deel bäigedroen. Hien ass 2010 Member vum Comité ginn a gouf 2016 zum Vize-President gewielt. Merci Roger an eng Feier ass mam Comité geplangt.

Eise Sekretär Nico Grisius ass dunn op Aktivitéit 2024/2025 agaangen.

Déi lescht Journée huet de 4. Juli 2024 am Éislek stattfonnt. D'AG war am Centre Culturel Weiswampach. Eist Mëttes- an Owesiesse gouf am Restaurant Reiff zu Fëschbech zerwéiert, wou mir top bekäschtegt goufen. Och déi 3 Visitten, dëst awer mat groussm Logistikopwand, d.h. Trakter Reiff, Ourdaller a Musée Bënzelt, waren een Erfolleg.

Säit der leschter Journée huet de Comité sech 3 mol gesinn. Des Weideren hat den Exekutiv eng Entrevue mam Generaldirekter Paul Schroeder. Vertruede ware mir beim Ausschaffe vun der "Charte des valeurs" fir den CGDIS, am ZV vun der Pompjeesfederatioun, bei verschidden AG'en duerch Land an um Begrieffnis vum Roger Weirig, de President vun der Pompjeesmutuelle.

Wichtig Themen bei der Entrevue mam Generaldirekter waren:

Invitatiounen fir Pompjeesveteranen, Hëllef an Ënnerstëtzung fir den Entwurf fir eisen neie Roll-Ups, Listingvun eise Pompjeesveteranen, Verdeele vun de neie Jackette fir Veteranen, "Charte des valeurs", Verschécke vum Info-Blatt resp. Zesummeschaffen mam Service de Kommunikatioun, eng E-Mail Adress vu Pompjeesveteranen -> pompjers-veterans@cgdis.lu an "Allocation de Reconnaissance".

Och goufen eis Walen ausgeschriwwen, wou sech awer kee gemellt hat, wat sech am Laf vum Dag awer ännere sollt.

Eise Keessier Jean Müller ass dunn op de Bilan 2024 agaangen. Dëse gouf vun der Generalversammlung eestëmmeg ugeholl.

Am Numm vun deenen 2 Keesserevisoren huet de Gast Schilling der Generalversammlung eng korrekt Féierung vun der Keess bestätegt an d'Versammlung gebieden dem Keessier Entlaaschtung ze ginn, wat duerch Applaus geschitt ass. Eis Keesserevisoren Albert Zehren a Gast Schilling goufe bestätegt.

Am Schlusswuert vun eise President huet hie matgedeelt, dass mir eis deemnächst um Inneministère wäerte mam Här Minister gesinn. Mir wäerten iwwert eis laangjäreg Fuerderunge mam Minister diskutéieren a da villäicht nächst Joer een neie Moment hei hunn. De President seet hei och eise Éierepresident Neckel Strotz Merci fir seng Ënnerstëtzung bei eise Fuerderungen, déi och him um Häerz léien.

E Merci gong un den Inneministère, un d'Gemeng Gréiwemaacher, un den Generaldirekter vum CGDIS Paul Schroeder mat senger Leit an un de Verbandspräsident Marc Mamer fir déi gutt Zesummenaarbecht a matschaffen am leschte Joer.

E Merci gonn un de Sekretär Nico Grisius fir d'Koordinatioun vun dësem Dag a fir all déi Aarbecht am Laf vu leschte Méint an un de ganze Comité fir déi gutt komerodschaftlech Zesummenaarbecht.

Fir de Verbandspräsident Marc Mamer war et nees eng grouss Freed un der Journée deelzehuelen. De President begréisst déi gutt Aarbecht säitens dem Comité, déi fir all eis Veteranen a Richtung Ministère resp. CGDIS



gemaach gouf. Voll Ënnerstëtzung kënn och säitens dem Pompjeesverband.

De Pompjeesverband ass am Ëmbroch duerch Neiopstellung vun de Statuten an dem Zentralvirstand. An der Neiopstellung wäert näischt an Richtung Fonctionnement vun der Amicale vun de Pompjeesveteranen an Jugendausschoss geännert ginn. Den Zentralvirstand wäert méi u Fachberäicher gebonne ginn, d.h. Instruktioun, Formatioun, etc. De Pompjeesverband schafft fir Pompjeeën alleguerten a wäert sech fir all Problem asetzen.

Des Weideren ass d'Gesetz iwwert Pompjeeswiesen geännert ginn an de Pompjeesverband gouf och ëm säin Avis gefrot. Nei am Text ass och d'Schafung vum RESC-LU (ee Service THW ewéi an Däitschland). Hei wäerten herno och d'Leit aus de Reien vun de Pompjeesveteranen gebraucht ginn fir bei net-operationellen Aarbechten ze hëllefen.

Weider bleift och eis Fuerderung fir e Stëmmrecht am Verwaltungsrot vun CGDIS ze kréien.

De Pompjeesverband ënnerstëtzt och d'Pompjeesveteranen an hir Fuerderungen a Saachen "Allocation de reconnaissance". Och mussen CGDIS-Pensionäre kënnen bei de Pompjeesveteranen bäitrieden.

Nom Verbandspräsident huet de Generaldirekter vum CGDIS de Paul Schroeder puer Wuert un eis Veterane gericht a Merci gesot fir déi sachlech Zesummenaarbecht tëschent Pompjeesverband, CGDIS a Ministère.

Merci fir den Input a Saachen "Charte des

valeurs", déi deemnächst am Verwaltungsrot präsentéiert gëtt. Ab Hierscht soll da mat Wäerter ugefaange ginn des ëmzesetze resp. a Reglement eran ze huelen. D'Wäerter sollen herno am ganzen CGDIS, Pompjeesverband a no bausse mat de Leit ëmgesat ginn an dat op allen Niveau'e vun Hierarchien a Responsabilitéiten.

Fir de Generaldirekter war et nachmol wichteg ze soen, dass Veteranen an de CGDIS, an all eenzelen CIS gehéieren. Wat déi nei Jackett fir d'Veteranen ugëtt, wäerten des iwwert Zone verdeelt ginn. All Veteranen, deen den CGDIS a Pompjeeën no bausse wëll representéieren, soll eng Jackett kréien. Do wou et herno Problemer sollt ginn, wäerte Pompjeesveteranen bei der Schlichtung hëllefen.

D'Amicale vun de Pompjeesveteranen wäert den 11. Juni 2025 bei Minister virstelleg ginn an de Generaldirekter wäert Pompjeesveteranen an all hire Fuerderungen ënnerstëtzen. Reforméiert gëtt och de Statut vum Support. De Generaldirekter deelt och mat, dat wa mol e klengen Accident am Zenter bei Aarbechte vun engem Pompjeesveteran geschitt, dass soll ee Formular AAA ausgefëllt ginn a dëse soll dann an d'Generaldirektioun geschéckt ginn.

Eng Häerzenssaach vum Minister ass de Projet Resc-lu. Dëst ass fir Lëtzebuerg een neit Konzept mat enger neier Unitéit fir de Kastrophenschutz am CGDIS. Hei kommen nei Aufgaben an de CGDIS wäert sech zousätzlech Moyennen zouleeën. Och wäerte Leit gebraucht ginn, wou awer och de Pompjee Support a Veteran kënnen eng Hand mat upaken.





Eng Reform wäert et och beim Statut Volontaire ginn, well gemäss enger Etude vum LISER mëllen sech d'Leit aus anere Grënn bei den CGDIS ewéi dëst fréier war. D'Leit leeën sech méi Kompetenzen un, besiche vill Formatiounen, maachen awer manner Déngscht. Den CGDIS wäert seng Fuerderunge stellen, d.h. méi Déngscht, well all déi Formatioune kaschten. Den CGDIS muss sech upassen a no 7 Joer allegueren déi gutt Saachen halen a déi schlecht verbessern.

Zum Schluss seet de Generaldirekter nachmol, dass d'Rettungswiese vun haut op dem Grondstee vun deene villen fréier Fräiwëllege gebaut gouf a dëst dierf een net vergiessen. Säin Moto haut ass nach ëmmer "Eemol Pompjee ëmmer Pompjee".

Nom Ofschloss vun eiser Generalversammlung hu mir eis op de Wee Richtung d'Schëff "Princesse Marie-Astrid" gemaach, wou d'Amicale vun de Pompjeesveteranen op e Patt agelueden huet. Ueschléissend gouf den ausgewielte Menue zerwéiert. Bei gudder Stëmmung a guddem Wieder ware mir bis 18:00 Auer op der Musel ënnerwee. Nom Uleeën gouf du géint 18:30 Auer dat traditionellt Owendiessen zou eis geholl.

Dëse flotten Dag ass eriwuer gaange mam Versprechen eis nächst Joer op der Journée erëm ze gesinn.

WICHTIG, ET SIEF NACHMOLS GESOT:

D'Amicale vun de Pompjeesveteranen ass méi wéi nëmmen ee Grupp vu Leit, neen si ass de Sprooch-Organ vun all deenen déi an de Pompjeeën a Protection Civile Member waren.

Hei duerch vertritt d'Amicale Meenung a Rechter vun all deene Memberen.

• Mir hu kee Joresbäitrag, well bei eis ass ee

Member ouni eppes ze bezuelen.

• Mir probéieren awer dofir all Joer eng Journée ze maachen an ab Hierscht kucke mir och eise Leit eng Newsletter mat wichtegen Infore fir Pompjeesveteranen ze schécke resp. zoukommen ze loossen.

Member bei der Amicale vun de Pompjeesveteranen, gratis an ouni Verpflichtung, da mëllt lech w.e.g. per E-mail pompjers-veterans@cgdis.lu oder beim Jos Tholl oder Nico Grisius.

ënnert dem Motto:

– Ee fir All an All fir Een –

Nico Grisius, Sekretär vun der Amicale vun de Pompjeesveteranen

D'Amicale vum CIS
Kielen organisiert een

Kniddel Owend

15/11/2025
Apéro ab 18h00
zu Ollem am Festsall

Umellen
bis den 10/11
iwuer Mail
menu@ciskehlen.lu
oder op den 49 77 1 - 3493
tëscht 18h00 an 21h00

28€

Mir bidden Iech un :
Kniddelen mat Speck
Kniddelen mat Kéiszooss
Kniddelen mat Speck an Rahmzooss
Kniddelen mat Wäinzooss an Moschterzooss
(Kaffi an Dessert inklusiv am Präis)

payconiq

18€

ALL YOU CAN EAT



ERASMUS 2025 zu Paräis

Vum 13. bis den 18. Juli ware mir – zwee Jugendpompjeeën an ee Jugendleeder – zu Paräis ënnerwee, wou mir un engem Erasmus-Projet deelgeholl hunn. Während dëser spannender Woch hu mir d'Geleeënheet kritt, vill nei Leit kennen ze léieren, vill z' erliewen an eis mat Jonker aus anere Länner auszetauschen. Mir hu vill interessant Aktivitéiten matgemaach, nei Kulturen entdeckt a vill wäertvoll Erfarunge gesammelt. Als Zesummeffaassung vun eiser Zäit zu Paräis hu mir e Rapport fir all Dag ausgeschafft, deen dir ënnendrénnen fannt.

Dag 1 – Sonndeg, den 13. Juli :

Sonndes, den 13. Juli, ass et um 15:10 Auer mam TGV a Richtung Paräis gaangen. D'Zuchrees huet ongeféier 2 Stonnen an 12 Minutten gedauert. Géint 17:32 si mir op der Gare de l'Est ukomm, wou mir häerzlech vum Organisateur empfaange goufen, deen den Erasmus-Projet mat organiséiert huet. Vun der Gare aus si mir mam Auto op eng Pompjeesschoul gefouert ginn, wou mir déi ganz Woch geschlof hunn. Wéi mir do ukomm sinn, hu mir direkt déi éischt Bekanntschaften gemaach – ënner anerem mat Participanten aus der Belsch. Duerno hu mir all e Schlüssel fir eis Zëmmer kritt. Mir haten vill Chance: mir haten eng ganz Kummer fir eis eleng. Den Owend hu mir nach mat verschiddenen Natiounen geschwat, zesumme giess an eis besser kenne geléiert. Domat war eisen éischten Dag och schonn eriwwer.

Dag 2 – Méindeg, den 14. Juli

Um zweeten Dag hu mir vill erlieft – och wann mir schonn moies ëm 5 Auer hu misse opstoen. Trotzdeem ware mir fit, well et ee vun de wichtegste Deeg vun der ganzer Woch war: Mir waren nämlech invitéiert, d'national Militärparad vum Nationalfeierdag zu Paräis live ze gesinn. Et war eng eemoleg Erfahrung, déi mir sécher ni wäerte vergiessen. No dësem laangen a spannende Moien si mir zeréck op d'Pompjeesschoul gefuer ginn, wou mir eng gutt Stonn Zäit haten, fir eis ze erhuelen. Duerno ass et erëm weidergaangen: Mir hunn eis zesumme mat allen aneren Natiounen ënnen an der Pompjeesschoul getraff a si gemeinsam an e Sall gaangen. Do hat all Land d'Méiglechkeet, sech virzestellen an ze erklären, wéi d'Jugendpompjeeën bei hinnen organiséiert sinn an wéi hir Formatioun ofleeft. Owes hu mir dann nach eng Kéier zesumme giess a sech mateneen ausgetosch. Domat war och dësen erlebnisräichen Dag eriwwer.



Dag 3 – Dënschdeg, den 15. Juli

Och um 3. Dag hu mir vill erlieft. Mir hu missen um 7 Auer opstoen, fir dann um 8 Auer de Bus ze huelen, deen eis zum "Service de Déminage" gefouert huet. Do haten mir d'Geleeënheet, eng Ausstellung iwwer Bommen aus der ganzer Welt ze gesinn. Mir hu gesinn, wéi d'Uniforme vun den Démineuren ausgesinn an eis gouf och gewisen, wéi se hir Ausrüstung benotzen. Et war ganz faszinéierend, an mir konnten och d'Géigestänn beréieren. Nom Mëttesiessen hu mir eis ob den Wee gemaach fir an den Pompjeesmusée zu Paräis ze goen, wou mir an Musée waren haten mir och d'Chance, mat Paräiser Pompjeeën ze schwätzen. Mir hu vill iwwer d'Pompjeeën zu Paräis geléiert an d'Aarbecht an der Stad verstanen. Et war interessant ze gesinn, wéi alles organiséiert ass. Nom Besuch vum Pompjeemusée ass et direkt weider gaangen, an zwar zu der Kasär am 18. Arrondissement. Do hu ma dann gesinn, wéi alles an enger sou grousser Kasär funktionéiert. No engem laangen a spannenden Dag hu mir eis an d'Pompjeesschoul zeréck gezunn, fir eis auszerouen an dann zu Bett ze goen.



Dag 4 – Mëttwoch, den 16. Juli

Um 4. Dag si mir an eng Kasär op Logne gefuer. Well den Dag war speziell – de franséischen Minister ass bei eis komm. Mir hunn zwou Übungen gemaach: Den éischten, war den CTIF, wou den Hugo d'Féierung gemaach huet, an dann den zweeten war ee Parcours, deen d'Shayana virgefuert huet. Et war ganz interessant a spannend, ze gesinn ewéi erëm all seng Fäegkeeten zeréck kommen an een alles kann weisen wat een esou kann. Nom gudden Training si mir zesumme zum Mëttesiessen gaangen, an duerno sinn mir erëm op den Terrain gaangen, fir den Minister an déi aner Autoritéiten ze empfänken. No deenen zwee Manöveren, déi excellent verlaf sinn, huet den Minister nach puer Wieder gesot. No der Ried huet den Innenminister eis nach op eppes Klenges z'iessen an ze drénken agelueden, wéi d'Visite ofgeschloss war.



Dag 5 – Donneschdeg, den 17. Juli

Um fënneften Dag sinn mir moies fräi gewiescht, an hunn mam Bus eng Kasär besicht, déi op Helikopteren spezialiséiert ass. Mir haten eng grouss Chance, eis d'Helikopteren genee unzekucken, a mir hunn och gesinn, wéi alles ofleeft, wann wierklech eng Noutfallaktioun gebraucht gëtt an d'Helikopteren starten. Vun do aus sinn mir an den Zentrum vun Paräis gefuer. Mir haten 2 Stonnen Zäit, fir de Stadzentrum ze entdecken. Mir hunn de Metro geholl an hunn den Arc de Triomphe, de Eiffeltuerm an de Louvre besicht. Et war ganz flott, Paräis aus enger anerer Perspektiv ze gesinn an déi berüümt Plazen ze entdecken. No der Zäit am Zentrum vun der Stad sinn mir an d'Krisenmanagement-Center vun Paräis gefuer. Leider hu mir do keng Fotoe maache kënnen, well et e spezifesch Sécherheetsberäich war. Dat war awer och eng interessant Erfahrung,

fir ze gesinn, wéi Paräis d'Krisen am Fall vun enger grousser Krise a Katastrophen handelt. No der Visite vum Krisenmanagement sinn mir dann nach bei d'Fédération gefuer, wou mir eng Visite vun hirem Gebai kruten. Do kruten mir nach méi Informatiounen an interessante Wëssenswäertes iwwer hir Aarbecht an och do kruten ma eppes Leckeres z'iessen an ze drénken.



Dag 6 – Freideg, den 18. Juli

Um leschten Dag hu mir moies all zesummen gefrühstücker an dann um 8 Auer de Bus geholl, fir Paräis z'erreechen. Dës Kéier waren mir mat den Bateaux Mouches ënnerwee. Dëst war eng super Geleeënheet, Paräis vum Waasser aus ze gesinn. Mir hu vill bekannt Plazen gesinn, wéi de Louvre, den Eiffeltuerm an och eng kleng Versioun vun der Fräiheitsstatue, Pont Alexandre III, an déi al Gare vu Paräis. Nom Tour mam Boot hu mir eis beim Bus erëm getraff an e kleng Stopp fir d' Mëttegiessen gemaach. Nodeems mir dann all fäerdeg giess hunn an mir déi leschten Kéier allen Natiounen Äddi gesot hunn, sinn mir dann an den Metro gaangen, fir zeréck op d'Gare de l'Est ze fueren. Do hu mir nach e kleng Shoppingstopp gemaach, fir eppes fir z'iessen ze kafen, an dann sinn mir mam TGV an Richtung Metz gefuer. No der Arrivée zu Metz, hu mir dann den Zuch gewiesselt an sinn mam normale Zuch zeréck ob Beetebuerg gefuer, wou eis Familljen eis schonn empfangen hunn.

Shayana & Hugo



Jugendzeltlager in Mersch



Bereits vor 30 Jahren (1995) fand das erste gemeinsame Zeltlager der Jugendsektionen der Partnerwehren Rethen/Leine (Nähe Hannover), Porz-Langel und Zündorf (beide aus Köln) sowie der Feuerwehr Mersch statt. Anfangs fanden diese Zeltlager alljährlich statt, später dann alle zwei Jahre.

Dieses Jahr richtete die Jugendfeuerwehr des CIS Mersch das Pfingstzeltlager aus. Dies geschah auch im Rahmen von 60 Jahre Jugendfeuerwehr Mersch. Das Thema des Camps war „Hollywood“. 70 Jugendliche, 30 Betreuer und Helfer sollten hier ein abwechslungsreiches Wochenende erleben.

Unsere Gäste kamen freitags am Nachmittag an. Nachdem sie sich in den Zelten eingerichtet hatten, fand die offizielle Begrüßung statt. Das Lagerfeuer wurde feierlich angezündet. Anschließend nahmen alle an einer Quiz-Show teil.



Am Samstag, nach dem Frühstück, wurden alle auf 2 Busse verteilt, welche uns in den Süden des Landes fuhren. Eine Hälfte besichtigte den Hochofen in Belval, die andere Hälfte besuchte die „Minieresbunn“ und den „Train 1900“. Nach einem gemeinsamen Picknick im „Fond de Gras“ wurde dann gewechselt.

Abends, wieder im Zeltlager angekommen, fand eine „Talentshow“ statt. Bereits Wochen vorher waren die Jugendfeuerwehren und die Betreuer gebeten worden, jeweils eine Showeinlage vorzubereiten. Diese wurden von allen Teams sehr gut vorgetragen, so dass es schwierig war, einen Gewinner zu bestimmen.

Sonntags galt es einige Kilometer durch die Wälder in der Umgebung von Mersch zurückzulegen. Auch galt es mehrere Geschicklichkeitsspiele unterwegs zu absolvieren. Abends gab es nach dem Abendessen noch eine Kinovorführung.

Am Montag wurden nach dem Frühstück die Koffer gepackt und unsere Kameraden traten die Rückreise an.

Alle waren begeistert von den Aktivitäten und wir freuen uns auf das nächste Zeltlager.



Jugendzeltlager der Region Zentrum in Mamer



Im Rahmen der 50-Jahr-Feier der Jugendfeuerwehr Mamer, hatte diese sich angeboten bei der Organisation eines regionalen Zeltlagers in Mamer zu helfen.

Vom 23. bis zum 27. Juli fand das Zeltlager auf dem Gelände neben dem CIS Mamer statt. Auch war das nahe gelegene Scout-Chalet zwecks

Duschen und sanitären Anlagen angemietet worden. Das Zeltlager stand unter der Leitung der Regionaljugendleiterin Désirée Thilgen.

Am Mittwoch wurde das Zeltlager feierlich eröffnet. Anwesend waren Vertreter des Landesverbandes, des Jugendausschuss, des Regionalverbandes, der Gemeinde Mamer und



Zonenchef Paul Hack. Nach einigen kurzen Ansprachen wurde das Lagerfeuer feierlich angezündet.

78 Jugendliche und 30 Betreuer nahmen am Zeltlager statt. Des Weiteren waren 20 Helfer der Amicale des CIS Mamer anwesend. Das Catering stand unter der Leitung von Guy Rommes, einem Verwaltungsmitgliedes der Region. Von GIS CSL-RAVI wurde eine Anfrage auf Mitwirkung durch Weiterbildung der Mitglieder positiv bewertet und umgesetzt. Hierfür wurden die ganzen Gerätschaften der Abteilung Ravis nach Mamer gebracht, da im Ernstfall auch nur diese zur Verfügung stehen.

Die Aktivitäten waren vielfältig im Umkreis von maximal 30 Minuten Entfernung zu unserem Zeltlager ausgesucht. Somit wurden von den Kasematten das Fort Belaimont im Stadtpark, in Zusammenarbeit mit den Freunden der Festungsgeschichte, besichtigt. Diese Festungsanlage wurde 1672-1673 von den Spaniern erbaut. 1684 wurde sie von den Franzosen stark beschädigt und danach von



Vauban erneuert. Im zweiten Weltkrieg dienten sie sogar als Luftschutzbunker.

Der Kletterpark von Steinfort stand ebenfalls auf dem Programm. „Steinfort Adventure“, das ist Action in der Natur. Beim Klettern in den Baumkronen sind Mut und Konzentration gefragt – je nachdem, wie fortgeschritten die Kletterer sind, gibt es zehn verschiedene Strecken mit unterschiedlichen Schwierigkeitsgraden. Schon vierjährige Klettermaxe dürfen auf den Affen- und Tigerrouen mitmachen. Nach einer Einführung in die Sicherheitsmaßnahmen konnten die Jugendliche in luftige Höhen emporklettern und dort von Baum zu Baum „wandern“.

Da das Zeltlager unter dem Thema „Krimi“ stand, wurde eine „Spurensuche“ quer durch die Ortschaft Mamer organisiert. An einem der Abende fand auch eine Nachtrallie statt.

Auch fanden permanent Aktivitäten auf dem Zeltplatz statt. So gab es ein Graffiti-Atelier, wo Baustellenplanen und der Camp-Eingang dekoriert wurden. Es wurde gebacken, Gesellschaftsspiele wurden gespielt, die Abschlussübung wurde trainiert und vieles mehr. Auch stand ein Schwimmbad zur Verfügung.

Am Sonntag fand dann die Abschlussfeier statt. Nachdem die Jugendliche ihre Sachen gepackt hatten, kamen die Eltern an. Die



Abschlussübung wurde vorgeführt und jeder Jugendllicher bekam ein Erinnerungsgeschenk in Form eines Krimi-Buches. Nach einem gemeinsamen Mittagessen wurde die Heimreise angetreten.

Nur die Teilnehmer für den CTIF-Wettkampf fuhren anschließend mit Ihrem Gruppenbetreuer nach Munsbach zur 125 Jahrfeier der dortigen Feuerwehr für eine Vorführung.

Jean-Paul Wagener

D'Amicale Pompjeeën Minsbech—Schëtter asbl

invitéiert op hire Buffet (Max 100 Leit)

zu Minsbech am Kulturcenter

an der Dällt

Sonndes, den 9.11.2025

Umeldung bis den 4.11.2025 um

Tel oder Whatsapp:

691 356 560 (Alain)

45 € pro Persoun
Buffet Terre et Mer
Kanner 15 € (bis 12 Joer)



Freundschaft zwischen der Jugendfeuerwehr Consdorf und der Jugendfeuerwehr Leck



Wie alle zwei Jahre traf sich die Jugendfeuerwehr Consdorf mit der Jugendfeuerwehr Leck zu einem gemeinsamen einwöchigen Zeltlager. Diese schöne Tradition pflegen wir bereits seit dem Jahr 1985. Seit Generationen werden diese Lager organisiert – stets mit spannenden Aktivitäten und interessanten Besichtigungen verschiedenster Unternehmen, Feuerwachen und Industriebetriebe.

In diesem Jahr durften wir aus Consdorf erneut unsere Freunde in Nordfriesland besuchen.

Dieses Mal war das Zeltlager jedoch etwas ganz Besonderes: Wir hatten die große Ehre, das 40-jährige Bestehen unserer Freundschaft zu feiern. Eine derart langjährige Partnerschaft über mehrere Jahrzehnte hinweg aufrechtzuerhalten – trotz regelmäßigem Wechsel der Jugendfeuerwehrwarte stellt eine große Herausforderung dar.

Doch gemeinsam haben wir auch schwierige Zeiten, wie etwa die Covid-Pandemie, erfolgreich gemeistert. Zwar musste ein Zeltlager ausfallen, doch sobald sich die Lage stabilisierte, wurde es umgehend nachgeholt.

Wir blicken mit Stolz und Dankbarkeit auf vier Jahrzehnte lebendige Freundschaft zurück und freuen uns auf viele weitere Jahre dieser besonderen Verbindung.

Jim Thiel - CIS Kondsref



Marine Trainingszentrum



Fehlersich

Ganz schéin vill lass bei de Kollegeen op de Grenzlandmeeschterschaften zu Ettelbréck. All Sekonn zielt beim Läschugrëff!

Mee am 2. Bild hunn sech bei onsem Fotograf 7 Fehler ageschlach, fënns du se all erem?



Léisung op der Säit 119



Der lange Weg zur Reform

Endlich kann das Produkt der Kommission präsentiert werden.

Als im Mai 2023 die überfällige Reform begonnen wurde, war das Ziel nicht unmittelbar ersichtlich. Es sollte ein Start ausgehend von einem weißen Blatt erfolgen, welcher auf dem Kongress in Mertert erfolgt ist. Die Idee war den Feuerwehrverband wieder den Mitgliedern näherzubringen und wieder das Interesse an der Federation bei den Mitgliedern aufflammen zu lassen. Der Landesverband hatte nach Einführung des CGDIS den direkten Zugang zu seinen Mitgliedern verloren, da die Ausbildung der Erwachsenen komplett vom CGDIS übernommen wurde. Sicherlich hat der Feuerwehrverband die Ausbildung der Jugend noch federführend durchgeführt, doch die Mehrheit der Mitglieder hatte gefühlt keine Bindung mehr zur Federation.

Die Kritik, dass es zu lang gedauert hat, bis die Reform angestoßen wurde, muss man gelten lassen. Nach Gründung des CGDIS hat der Landesverband ihre neue Mission neben dem CGDIS gesucht. Auch der Ausbruch von COVID19, welcher das Leben in der Gesellschaft stark eingeschränkt hat, hat die Reform um mindestens ein Jahr nach hinten verschoben.

Das neue Bild der Federation bleibt der Tradition treu. Es gibt weiterhin einen ZV und ein CEX. Die Neuerung besteht in den neuen Vertretern, die den Fachbereichen angehören. Früher wurden diese aus den Regionen entsandt. Das Konstrukt der Regionalverbände wird im Zuge der Reform abgeschafft. Die bestehenden Regionen werden noch für eine Übergangszeit aufrechterhalten, auch da sie

in die Ausbildungen des INFS miteingebunden sind.

Die Vertreter kommen aus den Zonen, in Analogie zum CGDIS. Jede Zone wählt 2 Vertreter in die jeweiligen Fachbereiche (siehe Diagramm, außer der Jugend und der Veteranen). Hier kann nun jeder, der Mitglied einer Amicale ist, sich auf einen Posten bewerben und sein Wissen einbringen. Dieses Knowhow soll den ZV bereichern. Wir erhoffen uns, dass in allen Bereichen besser mitdiskutieren zu können und somit das Feuerwehr- und Rettungswesen in Luxemburg voranzubringen.

